I-2019-O-M-5744-01 (3154)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser
PL 7534

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2020

3

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- et zu Lëtzebuerg am Fall vun enger Kris – esou wéi et sech an där aktueller Corona-Pandemie leider weist – zu Enkpäss bei der Versuergung mat medezineschen a sanitären Artikele komme kann, respektiv, scho komm ass.

ass sech bewosst, datt et a Krisesituatioun essentiell ass,

- datt d'Bevëlkerung op e funktionéierende Gesondheetssystem mat genuch personellen a materielle Ressourcen zeréckgräife kann.
- datt d'Klinicken, déi medezinesch a para-medezinesch Ariichtungen an d'Apdikten och weiderhin all Medikamenter an all aner Material zur Verfügung hunn, déi si brauchen, fir kënnen d'Bevëlkerung och iwwer méi laang Perioden zouverlässeg ze versuergen.
- datt sech d'Bevëlkerung op der Aarbechtsplaz an doheem ka virun Ustiechunge schützen, andeems si op e Stock vu sanitäre Produiten ewéi Otemschutzmasken, Protektiounskleeder, Desinfektiounsmëttel etc. kann zeréckgräifen.

fuerdert d'Regierung op, datt

- si sécherstellt, datt zu all Moment op eisem nationalen Territoire e gesécherte Stock vun deene wichtegste Medikamenter a sanitäre Produiten ewéi Otemschutzmasken, Protektiounskleeder, Desinfektiounsmëttel etc. verfügbar ass, fir d'Bevëlkerung kënnen zouverlässeg och iwwer eng méi laang Zäitdauer ze versuergen.
- si sou schnell wéi méiglech e laangfristege Plang presentéiert, deen d'Versuergung vun de medezineschen Ariichtungen an der Bevëlkerung a Krisesituatioune mat medezineschen a sanitäre Produiten ewéi Otemschutzmasken, Protektiounskleeder, Desinfektiounsmëttel etc. garantéiert.
- dëse Stock zu all Abléck professionell a kompetent geréiert gëtt a permanent un d'Entwécklung vun der Bevëlkerung vum Land a vun den Infrastrukturen ugepasst gëtt.

F. Kartheiser